„Burka“: D’Chamber, net de Minister decidéiert!

Pressematdeelung vum 11. November 2015

De Justizminister Felix Braz äntwert de 9. November op eng parlamentaresch Fro, datt d’Regierung am aktuelle Stadium net wëll e Gesetz a Saache Ganzkierper-Verhüllung (Burka a Nikab) maachen. De Minister verweist op Gemengereglementer, déi et op lokalem Plang verbidden, mat maskéiertem Gesiicht virun d’Dir ze goen. D’ADR mécht awer drop opmierksam, datt dëst nëmmen an deene puer Uertschafte gëllt, déi esou e Reglement geholl hunn an datt esou eng Reglementéierung um kommunale Niveau souwisou net praktikabel an net duerchsetzbar ass.

De Gesetzvirschlag 6705, deen d’ADR schonn de 16. Juli 2014 deponéiert huet, beschäftegt sech mat der Ganzkierper-Verhüllung a wëll déi hei zu Lëtzebuerg generell verbidden. Deen Text ass also elo zënter iwwer engem Joer um Instanzewee an e gouf schonn vum Staatsrot aviséiert. Bis elo gouf déi “Proposition de loi” vun der ADR awer nach net op den “Ordre du Jour” vun där zoustänneger Chamberkommissioun fir juristesch Froen gesat. Presidéiert gëtt déi Kommissioun vun enger grénger Deputéierter.

D’ADR huet elo schréftlech beim President vun der Chamber intervenéiert, fir datt déi “Proposition de loi” soll endlech op den Ordre du Jour vun der juristescher Kommissioun gesat ginn. Et kann net sinn, datt déi gréng Partei einfach probéiert, eng Gesetzesinitiativ vun engem Deputéierten ze blockéieren, doduerch, datt si einfach net wëll driwwer schwätzen!

De Staatsrot huet sech a sengem Avis net géint den ADR-Virschlag ausgeschwat. Och an der Belsch an a Frankräich gëtt et schonn esou Gesetzer. Wéi och d’ADR-Propositioun selwer, zitéiert de Staatsrot aus engem Uerteel vum Europäesche Mënscherechtsgeriicht vu Stroossbuerg, dat den 1. Juli 2014 dat franséischt Gesetz gutt gehalen huet.

D’ADR erënnert drunn, datt et net un engem Minister oder un der Regierung ass, fir iwwer Gesetzer ze decidéieren, mä un der Chamber. An dofir ass d’Fro, op e Gesetz soll gemaach ginn, ob ee maskéiert an der Ëffentlechkeet ënnerwee däerf sinn oder net, keng, déi e Minister kann decidéieren. Déi Decisioun läit eleng bei der Chamber.

Elo mussen déi politesch Parteie an der Chamber Fuerf bekennen. D’Diskussioun iwwer d’Burka ass eng Fro vu prinzipieller Natur, wou et och keng Roll spillt, wéivill Leit am Ament zu Lëtzebuerg esou eng Verhüllung aus reliéise Grënn droen.

D’ADR wonnert sech doriwwer, datt Parteien, wéi déi Gréng oder d’LSAP, déi soss dauernd vu sech behaapten, si géinge fir d’Rechter vun de Fraen antrieden, op eemol als Affekoten vun der Burka optrieden.

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique **20, rue de l’Eau L-1449 Luxembourg**